

PIUS VERBAND

UNION SAINT-PIE X

CANTICUM NOVUM

BULLETIN DE LIAISON DE L'UNION SAINT-PIE X - PIUSVERBAND

3/2026

COMITE CENTRAL DE L'UNION SAINT-PIE X

PRESIDENT

BOEVER MARC
L-9748 ESELBORN • 11, MECHERWEE
TÉL.: 691 842 043 - PRESIDENT@PIUSVERBAND.LU

VICE-PRESIDENTE

BECKIUS-GIRA JEANNY
L-5434 NIEDERDONVEN • 7, RUE DE LA MOSELLE
TÉL.: 76 80 63 - BECKIUSN@PT.LU

SECRETAIRE GENERALE

JUNG-JUNGBLUT LYDIE
L-4499 LIMPACH • 19, RUE DE RECKANGE
TÉL.: 691 411 154 - LYDIE.JUNG@VO.LU

TRESORIER GENERAL

DE ROND PATRICK
L-1482 LUXEMBOURG • 13, RUE CHARLOTTE ENGELS
TÉL.: 661 55 94 89 - PATRICK.DEROND@PIUSVERBAND.LU

CONSEILLER ECCLESIASTIQUE

BACHE CLAUDE
L-5401 AHN • 8, RUE DES VIGNES
TÉL.: 75 00 94 - CLAUDE.BACHE@EDUCATION.LU

REDACTEUR DU CANTICUM NOVUM

WILLKOMM LAURENT
L-1335 LUXEMBOURG • 3, RUE J.-G. DE CICIGNON
TÉL.: 48 13 22 - CANTICUM@PIUSVERBAND.LU

MEMBRES

BRAUCH-LOOR JACQUELINE
L-8522 BIEKERECH • 15,SCHONCK
TÉL.: 621 251 075 - ABRAUCH@PT.LU

JEMMING PATRICK
L-4394 PONTPIERRE • 26, RUE DES FORGES
TÉL.: 691 169 775 - PJEMMING@LIVE.FR

SCHMIT MARCO
L-5353 OETRANGE • 4, RUE DE BOUS
TÉL.: 621 153 437 - MAR.MIT@GMX.NET

PHILIPPY PASCALE
L-4981 RECKANGE/MESS • 23, KLENGE LEHM
TEL 621 136525 - PAS.PHIL@PT.LU

WANTZ JEANNOT
L-9168 MERTZIG • 9, UM LUUCHTEBIERG
TÉL.: 621 212 327 - WANTZJPL@PT.LU

UNION SAINT-PIE X - PIUSVERBAND ASBL

Fédération Nationale des Chorales d'Eglise de l'Archidiocèse de Luxembourg
Association sans but lucratif • R.C.S. Luxembourg F1064
L-8009 Strassen • 3, route d'Arlon

Téléphone: 26 20 18 99
Secrétariat: secretariat@piusverband.lu
Sites internet: www.piusverband.lu - www.chorales.lu - www.orgues.lu

Heures d'ouverture:
Secrétariat :
lundi à vendredi de 9h00 à 12h00

Centre de documentation :
sur rendez-vous

Relations bancaires :
CCPL: IBAN LU97 1111 0404 8637 0000

L'Union Saint-Pie X bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture.

CANTICUM NOVUM

Bulletin trimestriel de l'Union Saint-Pie X

Imprimerie EXEPRO S.A., Troisvierges
Tirage: 1450 exemplaires
Le bulletin est distribué gratuitement aux sociétaires des chorales de l'Archidiocèse de Luxembourg affiliées à l'Union Saint-Pie X.
Abonnement pour les non-membres: 15 € par an
Les articles signés reflètent l'opinion de l'auteur.
L'Union Saint-Pie X n'y est nullement engagée.

Sommaire

Leitartikel 3
Formatioun "Stëmmbildung" mat der INECC 5
Renaissance Doo-bee-doo-bah 6
Formatioun: Hëllef 7
Medaileniwwerreechung am MUDAM 8
Voies vers la voix 9
Uergelseenung an 150 Joer Becher Kierch 10
Concert National 11
Ils ont rejoint les chœurs célestes 12
Agence du Bénévolat 12
Buchdruck und Glaskunst 13
Dekanatsversammlungen 2026 16

Couverture:
En Deel vun der Uergel zu Jonglënster op der Récksäit vum Altor.
(Foto: L.Willkomm)

"Ein Haus voll Glorie schauet…"

…so lautet der Titel eines uralten Kirchenliedes, das bei keinem Kirchweihfest fehlen darf. Die Kirchweih, im Volksmund Kirmes genannt, wird in vielen Gegenden mit mehr oder weniger großer Feierlichkeit begangen. Im Mittelpunkt stehen dabei, so sagt es ja schon der Name, das Gedenken an den Weihetag der Kirche sowie an den Namen des Kirchenpatrons. Jedes Gotteshaus wurde geweiht beziehungsweise gesegnet und damit seinem Zweck übergeben, den Gläubigen einen Versammlungsort zur Verfügung zu stellen, um an den Gottesdiensten teilzunehmen. Der Zeitpunkt der Kirchweih-Feier ist durch das Weihedatum der Kirche bestimmt.

Beim Kirchweihfest gedenkt man nicht nur des Kirchengebäudes, sondern ausdrücklich auch der Gründer, Erbauer und der Gemeinde, die das Leben der Pfarrei über Generationen hinweg gestaltet und getragen haben.

Früher herrschte in den Dörfern eine große Vorfreude schon bei den Vorbereitungen hin zur Kirmes, denn die Kirchweih war ein hohes Fest, ein zentraler Bestandteil im Leben einer Pfarrei. In den Familien wurden schon Tage im Voraus alle Vorbereitungen getroffen, Haus und Hof wurden sozusagen auf Hochglanz gebracht, um am Festtag die Verwandtschaft zu begrüßen. Da früher auch der Kirmesmontag gefeiert wurde, blieben manche Verwandte sogar mehrere Tage und pflegten so Tradition und Geselligkeit der Familie und der Dorfgemeinschaft.

Meines Wissens wird aber auch heute noch an den allermeisten Orten am Brauchtum der Kirchweihfeierlichkeiten festgehalten. Ein Festgottesdienst wird zelebriert, und hier darf natürlich auch der entsprechende festliche Gesang nicht fehlen. Nach dem Festgottesdienst ist es Brauch, abschließend auf dem Friedhof die Gräber zu segnen. Kirche und Friedhof bilden eine Einheit als geweihter Boden der Kirchengemeinde, auch wenn es von vielen Menschen nicht mehr so empfunden wird. Immer weniger Menschen finden den Weg zu Festgottesdienst und Gräbersegnung. Das ist teils dadurch bedingt, dass aktuell sowohl die Kirmes als auch die Beteiligung an kirchlichen Feiern insgesamt an Bedeutung verloren haben.

Die Menschen besuchen die Gräber auf dem Friedhof eher sporadisch und zeitlich flexibler im Lauf des Jahres.

Wenn wir auch feststellen, dass die Kirchweih vielerorts ihre ursprüngliche Bedeutung verloren hat, so bietet sie uns eine alljährliche Gelegenheit zum Feiern. Das Kirchweihfest ist nie nur ein religiöses Fest gewesen; es hat heute über Stadt und Land auch und vor allem eine soziale und kulturelle Bedeutung als regionales Volksfest. Dies mag eine Erklärung dafür liefern, dass an manchen Feiertagen relativ viele Kirchenbesucher zu verzeichnen sind, wogegen im wöchentlichen sonntäglichen Gottesdienst die Kirchenbänke eher verwaist blei-

ben.

Es ist schade, dass heutzutage nur noch wenige Menschen die Kirchweih in ihrem ursprünglichen Sinn als einen Höhepunkt des Jahres ansehen. Mit diesem alten Brauch, der teils über Jahrhunderte mit großer Sorgfalt gepflegt wurde, geht nicht nur das geschriebene Wort betreffend die Kirchweih verloren, sondern (wie oben erwähnt) auch die damit zusammenhängenden kulturellen und sozialen Aspekte. Doch mein erster Gedanke richtet sich an den feierlichen Gottesdienst und das dazu passende Lied „Ein Haus voll Glorie schauet (…) auf ew'gem Stein erbauet". Vielerorts findet der feierliche Gottesdienst noch immer statt, und für die Kirchenchöre bleibt somit auch die Tradition erhalten, den Gottesdienst feierlich mitzugestalten. Es mag mancherorts entmutigend sein, wenn viele Menschen besagtem Gottesdienst dann fernbleiben und der Vorbereitung und Mitgestaltung der Feier die verdiente Wertschätzung versagt bleibt. Mich stimmt aber die folgende Erfahrung zunehmend hoffnungsvoll: mehrere Chöre praktizieren einen „musikalischen" Austausch, um bei einem befreundeten Kirchenchor die gesangliche Gestaltung des Gottesdienstes anlässlich des Kirchweihfestes zu übernehmen.

Liebe Sängerinnen und Sänger: lasst uns alles daransetzen, den Brauch des Kirchweihfestes und die dazugehörigen kirchlichen Feierlichkeiten am Leben zu erhalten! Der Austausch mit anderen Kirchenchören bietet sich an diesen Festtagen an. Was könnte erbaulicher sein, als sich gegenseitig zu unterstützen, voneinander zu lernen, neue Freundschaften zu schließen und zu pflegen, so dass diese Anlässe zu unvergesslichen und verbindenden Momenten werden? Ich wünsche mir, dass es in Zukunft gelingt, den Sinn des Liedes zu untermauern und zu erhalten, dass die Kirche "auf ew'gem Stein erbauet" ist und somit die Kirchweihfeste mit ihren religiösen, kulturellen und sozialen Komponenten lebendig erhalten bleiben.

Marc BOEVER
Präsident des Piusverbandes

"Ein Haus voll Glorie" im Originalsatz im vierstimmigen "Jubilate Deo! Lieder für den Katholischen Gottesdienst" von Joseph Mohr, Regensburg 1877. (Der Originaltext ist aus gutem Grund heute nicht mehr gebräuchlich.)

Formatioun "Stëmmbildung" mat der INECC

Et héiert een alt emol, jiddweree kéint sangen. Sou richteg gutt sange kënnen der awer nëmme wéineg. Mee besser sange léiere ka jiddwereen, a fir do e bëssen ze hëllefen, organiséiert de Piusverband zesumme mat der INECC zënter e puer Joer eng kleng Formatioun zum Thema "Stëmmbildung". Dëst Joer war et de 6. Juni am INECC-Sall an der Aler Avenue ënnert der Leedung vu Jeff Mack an Isabelle Wiseler. Mat klenge Lockerungsübungen hu mir ugefaangen, hunn iwwert d'Ootmung déi éischt Téin op déi richteg Plaz gesat, se matenee verbonnen an um Enn och méistëmmeg gesongen, wat och dëst Joer schwiereg war, well nëmmen dräi Hären matgemaach hunn.

Et ass erstaunlech, wéi vill zwee kompetent Leit a just zwou Stonne maache kënnen, mee souwuel d'Formateuren ewéi d'Stagiairë géife sech eng Fortsetzung wënschen, a mir probéieren dat am nächste Joer ze bidden, dann hoffentlech och mat méi Männerstëmmen.

Laurent WILLKOMM
(Text a Fotoen)

E Merci vum President un den INECC-Direkter Arend Herold

De Chef présentéiert de Menu

Keen Ugréff op déi geschriwwe Press, mee eng Übung, fir laang a roueg den Toun ze halen.

Renaissance Doo-bee-doo-bah

Zënter en etleche Joren mécht de Piusverband bei der "Fête de la Musique" mat, wou jo op méiglechst ville Plaze vill ënnerschiddlech Musek soll gebuede ginn a wou och Museker sollen op der lokaler Bün stoen, déi soss net (oder nach net) am professionelle Museksbusiness dra sinn. Den 20. Juni 2026 ware mer an der Kierch zu Mamer fir (souwäit mir wëssen) deen eenzege Chouermuseksconcert am Kader vun der Fête de la Musique an dee eenzegen an enger Kierch. Zwar war keng Kierchemusek um Programm, mir waren awer frou, och den Här Weibëschof an der gutt gefëllter Kierch begréissen ze kënnen.

Zwee Chéier sinn opgetrueden: d'Chorale Ste-Cécile Mamer an d'Chorale de l'EQVL (École des quartiers de la Ville de Luxembourg), béid ënnert der engagéierter a präziser Direktioun vum Här Philippe Partridge. Um Piano begleet hunn d'Häre Cosimo Colaci (fir Mamer) a Robert Kania (fir EQVL), deen de Concert op der Uergel mat enger Batalla vum Joan Cabanilles ugefaangen huet an dunn d'Sopranistin Katarzyna Kawinska bei "Strike the viol"vum Henry Purcell begleet huet.

D'Mamer Chorale huet en éischte Chouerdeel mat sechs Renaissancekompositioune gesongen, zum Deel ale Volkslidder wéi "Greensleeves" oder "Scarborough fair" a rezenten Arrangementer, awer och dem schéinen "Ad una fresca riva" vum Luca Marenzio. No engem Intermezzo vum Organist war et un de Kanner, déi direkt mat engem "Doeba"-Kanon lass-

geluecht hunn a mat Swing-, Pop- a Spiritualkompositioune begeeschtere konnten. An hirem zweete Chouerblock ass och d'Mamer Chorale an dës Richtung gaangen, zum Deel an Arrangementer vun hirem Dirigent. Vu verswingtem Charpentier iwwer Gershwin zu Arrangementer aus dem Popberäich, awer och engem "Si mes yeux" vum Etienne Daniel, (soss virun allem fir Kompositiounen am liturgesche Beräich bekannt) ass de Bou gespaant ginn zu "Sailing" vum Gavin Sutherland.

De Präsident Marc Boever huet den Interprete mat engem klenge Cadeau Merci gesot a mat e puer Gedanken zum Nationalfeierdag de Concert ofgeschloss.

Laurent WILLKOMM
(Text a Fotoen)



Hëllef !!

Ech muss de Programm fir d'Mass maachen

Wat musse mer sangen?
Wat solle mer sangen ?
Wat däerfe mer sangen ... a wat net?
.....a wou fanne mer dat?

De Piusverband invitéiert Iech op eng kleng **Formatioun** iwwert d'Opstelle vu liturgesche Programmen

Samschdes, de 17. Oktober 2026
vun 9:30 bis 12:00 Auer um Siège vum Piusverband, 3, route d'Arlon zu Stroossen.

Mir (Claude Bache, Joël Santer, Laurent Willkomm) probéieren, Iech vill Informatiounen a praktesch Hiweiser ze ginn iwwert d' Struktur vum Kierchejoer, den Opbau vun der Massfeier, de Psalmegesank a wat ee soss nach esou wëll (oder soll) wëssen.

Umeldung wgl. (Mail oder Telefon) um Verbandssekretariat bis den 12. Oktober

Medaileniwwerreechung am MUDAM

Kuerz virun Nationalfeierdag ginn traditionell d'Auszeechnungen an de verschiddene Grade vun den nationalen Uerden iwwerreecht. De 16. Juni war d'Medaileniwwerreechung vum Kulturministère, dëst Joer am Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean, en Haus, dat den 1. Juli 2006 seng Dieren opgemaach huet an also den 1. bis de 5. Juli seng 20 Joer feiere konnt.

Mataarbechter aus dem Kulturministère, aus de Kulturinstituter a verdéngschtvoll Akteuren aus dem kënschtlereschen a kulturelle Beräich goufe geéiert, dorënner och eng Rei Aktiver aus eise Memberveräiner, vun deenen der 17 konnten um Kierchbierg derbäisinn. De Kulturminister Eric Thill huet op d'Wichtegkeet vum kulturellen Engagement higewisen. Mir éieren hei net nëmme Leit fir hiert Liewenswierk, mee mir ënnersträichen och d'Wichtegkeet vum kulturelle Secteur fir eis Gesllschaft. Déi Leit, déi hei geéiert ginn, sti fir eng lieweg an offe Kultur, déi hëlleft, e Lëtzebuerg ze bauen, wou jiddweree seng Plaz am Kulturliewe fënnt.

Zesumme mam Minister huet de President vum Piusverband Marc Boever dunn d'Medailen iwwerreecht. Beim Patt war et d'Geleeënheet, al Bekanntschaften opzefrëschen oder neier ze maachen.

Laurent WILLKOMM (Text a Fotoen)

MOBILITÉ MANDIBULAIRE C1 – TIERCES AMBULANTES

Les étirements bénins présentés dans la série d'articles précédents une fois effectués, il est temps maintenant de nous pencher sur une combinaison de notre « mobilité mandibulaire » avec une projection dans le masque par une série d'exercices présentés, une fois de plus, sous forme d'une succession qui augmente de pas en pas la difficulté d'exécution.
Cette fois-ci nous nous penchons, en deux étapes successives vers les voyelles non-arrondies en allant d'une élaboration postérieure (série C1 à C4) vers la difficulté accrue représentée par les voyelles non-arrondies antérieures (série d'exercices D1 à D4).
Pour simplifier l'apprentissage musical, les mélodies et accompagnements sont les mêmes que dans les séries A et B. J'ai juste changé le « texte » pour en adapter le placement vers l'avant et permettre l'entraînement focalisé sur la connexion avec les résonateurs faciaux qui doivent se mêler avec les résonances du « tube », dont la souplesse et précision ont été travaillées jusqu'à présent.
Voyons d'abord l'exercice sous une forme simplifiée qui permet d'en choisir la tessiture. Il est présenté, avec un accompagnement de piano facultatif, dans trois tonalités allant de l'aigu vers le grave :

Ce choix de tonalités est loin d'être exhaustif et se doit d'être étendu au besoin.

En nous concentrant sur les voyelles non-arrondies postérieures, voici tout d'abord un résumé, suivi d'une notation plus explicite prenant en considération des nuances et articulations dont le degré de difficulté va croissant :

RÉSUMÉ

Voyelles non-arrondies	antérieures	centrales	postérieures
Voyelles fermées	i	ɨ	ɯ
Voyelles mi-fermées	e	ɘ	ɤ
Voyelles mi-ouvertes	ɛ	ɜ	ʌ
Ouverture intermédiaire	æ	ɐ	
Voyelles ouvertes	a		ɑ

Nous voyons bien que ce type de notation qui réunit tout sous un toit est loin d'être satisfaisante, mais elle peut servir comme aide-mémoire après une bonne mémorisation des nuances et phrasés qui sont liés à ces (groupes de) voyelles chantées.
Pour faciliter la lecture, toutes les phases seront présentées, elles aussi, en do majeur.

PHASE 1

PHASE 2

PHASE 3

PHASE 4

PHASE 5

Après ces quatre phases servant d'échauffement, un exercice avec des étirements s'impose. À répéter plusieurs fois en allant de plus en plus loin dans le ralentissement du tempo suggéré et les nuances proposées :

PHASE 6

Les exercices qui suivent doivent bien lier les mouvements respiratoires avec les actions mandibulaires qui font travailler, comme effet secondaire la glotte « modulée » par ces allées et venues opérées par les flux d'air et les phénomènes de résonance qui s'installent dans le tuyau.

En chantant ce qui est noté ci-dessous, l'appareil vocal d'un chanteur expérimenté devrait ajuster automatiquement tous les mouvements et forces requises pour les réaliser.

Un auto-apprentissage bénin devrait s'installer d'une façon naturelle. Si ceci n'est pas le cas, le chanteur n'est pas encore prêt et il devrait stopper la série avec la phase 5.

PHASE 7

PHASE 8

PHASE 9

Arthur STAMMET,
professeur de chant

Uergelseenung an 150 Joer Becher Kierch

Vill Joren huet eng "Ahlborn"-Uergel an der Becher Kierch hiren Déngscht gemaach. Zum Schluss war d'Instrument, dat 1979 ugeschaaft gouf, an engem schlechten Zoustand a quasi net méi spillbar. Duerfir hu 17 Bierger aus der Gemeng Bech de 5. Oktober 2021 de Veräin "Eng nei Uergel fir d'Becher Kierch asbl" gegrënnt a mat vill Engagement 43.000 € un Done gesammelt. Mat der zousätzlecher finanzieller Ënnerstëtzung vun der Gemeng a vun der lokaler Kierchefabrick krut d'Becher Kierch 2025 eng nei Uergel.

Et handelt sech ëm eng numeresch Uergel Ecclesia D 455 vu "Johannus", en 3-manualegt Instrument mat 56 kléngende Regëster. D'Decisioun, eng numeresch Uergel ze kafen, ass aus méi Ursaache getraff ginn: eng Päifenuergel bräicht eng permanent Raumtemperatur, an d'Hëtze vun der Becher Kierch wier ee grousse finanziellen Opwand ginn.

D'Seenung vun der Uergel ass fir den 21. November 2026 ëm 18 Auer geplangt. Do feiere mir och den 150. Anniversaire vun der Becher Kierch, de Becher Kiermesdag an den Dag vun der Hl. Caecilia. Dës Feier gëtt presidéiert vum Weibëschof Mgr. Léon Wagener, assistéiert vum Paschtouer Carlo Morbach an der Parassistentin Josiane Mirkes. Musikalesch gëtt si verschéinert vum "Becher Gesank" ënnert der Leedung vum Anna Nikolay an dem Jos Majerus op der Uergel.

Am Januar 2027 ass déi feierlech Aweiung mat engem Uergelconcert virgesinn. Weider Detailer an der nächster Ausgab vum "Canticum Novum".

De Piusverband invitéiert op säi

Concert national 2026

gesonge vun der

Chorale Ste Cécile Biissen

mat der Ënnerstëtzung vun der

Chorale Ste Cécile Hiefenech

an der

Jugendgrupp vum Biisser Kannergesank

Sonndes, 25 Oktober 2026 um 17:00

zu Biissen am Veräinshaus

Direktioun : Serge Rosen
Piano : Patrick Colombo
Solisten : Sandra Boulanger
Léini Fischer
Moderatioun : Roger Saurfeld

Den Entrée ass fräi mee
reservéiert är Plazen wgl.!
661 262 102 / 621 721 859 oder
choralebissen@gmail.com

CHORALE STE-CÉCILE BISSEN

Biisser Kannergesank asbl

Ils ont rejoint les chœurs célestes

BAUS Alain -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Rued-Sir"

BRUST-SCHAUL Margot -
Membre actif de longue date des "Sängerfrënn Caecilia Gemeng Géisdref asbl"

DUSCHINGER Johny -
Membre actif de longue date, membre du comité, vice-président et chef de chœur honoraire de la "Chorale Ste-Cécile Stroossen"

FABER Norbert -
Membre actif de longue date des "Chorales réunies Gemeng Fluessweiler", de la "Chorale Ste-Cécile Fetschenhaff-Cents" et de la Chorale "Les Chantres de St-Joseph Cessange"

GEIBEN Charel -
Chef de chœur, trésorier et membre du comité de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Wilwerdange", membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Dikrich", du "Gesang Kirchen-Beesslék" et de la "Chorale Ste-Cécile Troisvierges"

GLESENER-LEYTEN Andrée -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Ell-Rued-Lannen"

GROSBUSCH Nicolas -
Membre actif de longue date de la "Chorale Réunie Rosport-Uesweiler"

HALLER-KESCH Marie -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Bettembourg"

HATZ Jemp -
Chef de chœur de longue date de la "Chorale Sängerfrënn Stolzebuerg"

JUCHEM-JUNG Ginette -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Bettembourg"

KLEYR Joseph -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Hierber"

MEIERS Jeanny -
Membre actif de longue date de la "Chorale Réunie Remerschen-Schengen-Wëntreng"

MICHELS-HOFFMANN Josette -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Ettelbréck", décorée de la plaquette en or de l'Union St-Pie X

SCHULLER-KARPEN Josette -
Ancien membre actif et membre du comité de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Beefort-Haler-Waldbëlleg asbl"

STROTZ Néckel -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Bech-Maacher"

STEINMETZER Gustave -
Membre actif et membre du comité de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Cap/Capellen"

WEIDIG Théo -
organiste de longue date des anciennes paroisses de Belair, Merl et Cessange

WEISSEN Gérard -
Ancien membre actif de longue date et ancien président de la "Chorale Ste-Cécile Steesel-Mëlleref"

Rectification :
Une erreur s'était glissée dans la rubrique des Chœurs célestes du numéro 2/2026, nous prions de nous en excuser et de considérer cette version corrigée:

DIMMER Josette -
Membre actif de longue date de la "Chorale Ste-Cécile Medernach" et des Chorales de la Commune de la Vallée de l'Ernz.

De Piusverband schafft zënter dësem Joer (erëm) bei der **Agence du Bénévolat** mat. An deem Kader si mir gefrot ginn, dës Informatioun un eis Memberveräiner weiderzeginn:

- Gesicht gi Persounen, déi bereet wieren, zwee Mol am Mount eng Stonn mat Bewunner aus **Altersheimer** ze sangen, am léifsten och Lëtzebuerger Lidder, fir esou zu flotte gemeinsame Momenter bäizedroen. Intresséiert? Mellt Iech wgl. Bei der Agence du Bénévolat!

- An da siche mer och Kandidaten fir de **Prix du Mérite 2026**. Do soll eng Persoun geéiert ginn, déi duerch villfältegen Engagement ervirstécht a momentan op d'mannst 3 verschidde benevole Funktiounen an enger oder méi Associatiounen oder Strukturen ausüübt. Informatiounen a Formulairen (dee bis den 20. Oktober eranzeschécken ass) fannt Dir hei: https://bit.ly/prixdumerite2026

Buchdruck und Glaskunst

Seit etlichen Jahren ergeht einmal jährlich die Einladung zum "Kulturtrip" an unsere Mitgliedsvereine, einer kleinen Reise mit geführten Besichtigungen an interessanten Orten, verbunden mit einer gemeinsam gestalteten Messfeier. Nach Speyer 2024 und Girsterklaus/Echternach 2025 war nun Anfang September 2026 Mainz unser Ziel.

Gleich nach der Ankunft und dem Mittagessen standen eine Führung durch die Altstadt und die Besichtigung des Domes an. Mainz ist eine Stadt mit römischen Wurzeln, ein Legionslager mit zivilen Siedlungen im Umland. Die Lage unseres Hotels war dann auch auf dem "Kästrich", dem alten Standort des Castrum, der später als Weinberg gebraucht wurde; Überreste der römischen Tore und der späteren Sektkeller zeigen heute noch die verschiedenen Nutzungen. Nach der Zeit als Bundesfestung und schweren Zerstörungen im Zweiten Weltkrieg, von denen sich die Stadt nur schleppend erholte, ist Mainz heute die Hauptstadt des Bundeslandes Rheinland-Pfalz, Bischofssitz, Universitätsstadt, Medienstandort (SWR, ZDF) und bekannt für Glasindustrie und Biotechnologie.

Eine christliche Gemeinde ist in Mainz im 4. Jahrhundert sicher nachgewiesen, um 747 wurde der Heilige Bonifatius Bischof von Mainz, um 780 erfolgte die Erhebung zum Erzbistum. Seit 965 war der Mainzer Erzbischof

"Reichserzkanzler für Germanien" und damit rechtlich der zweite Mann nach dem Kaiser bis zum Ende der geistlichen Fürstentümer zu Beginn des 19. Jahrhunderts. Im Dom, seinen Krypten und seinem Kreuzgang künden heute noch die Grabmale der Erzbischöfe (darunter die des Peter von Aspelt) von dieser glorreichen Zeit.

Der bekannteste Sohn der Stadt, Johannes Gutenberg, beschäftigte uns am nächsten Vormittag. Um 1400 in Mainz geboren, gilt er als Erfinder des Buchdrucks. Ob er die wesentlichen Arbeiten in Mainz oder in Straßburg machte, ist zwischen beiden Städten umstritten, beide Städte ehren ihn mit Denkmälern. Jedenfalls entwickelte er den Satz mit beweglichen Lettern, eine Handgießapparatur, die zugehörige Zinn-Blei-Antimon-Legierung, die Druckerpresse und die dafür verwendete ölhaltige schwarze Druckfarbe. Das Gutenberg-Museum in der Nähe des Domes ist derzeit abgerissen, eine Interimsausstellung in den Gebäuden des Naturhistorischen Museums im alten Klarissenkloster zeigt eine nachgebaute Buchdruckerwerkstatt, Handschriften und frühe Drucke und einen Saal zur historischen und gesellschaftlichen Bedeutung der Buchdruckerei und der Massenmedien. Im Zentrum stehen natürlich die Mainzer Exemplare der Gutenberg-Bibel, die zwischen 1452 und 1454 hier entstanden.

Auf der höchsten Erhebung des damaligen Stadtgeländes erhebt sich die Stiftskirche St. Stephan, von Erzbischof Willigis 990 gegründet und als zentrale Gebetsstätte des Reiches gedacht.

Nach schweren Kriegsschäden wurde der Turm wieder hergestellt, die Gewölbe in Chor und Langhaus (bisher?) noch nicht. Ab 1978 erhielt St. Stephan auf Betreiben des jüdischstämmigen Priesters Klaus Mayer Fenster von Marc Chagall (der nach dem Holocaust eigentlich nicht mehr in Deutschland arbeiten wollte) in leuchtenden Blautönen, die als Beitrag zur jüdisch-deutschen Aussöhnung diesen Ort als Friedenskirche etablieren sollten. Die Führung machte auf Details der künstlerischen Darstellung und der theologischen Hintergründe aufmerksam, die man sonst kaum bemerkt hätte. Bei der anschließenden Messfeier in der Kapelle des Kreuzganges, die von unserem Reiseleiter und Kirchlichem Berater Chanoine Claude Bache zelebriert wurde, sang die Reisegruppe ein Programm, das von Pascale Philippy und dem Autor dieser Zeilen zusammengestellt und auf der Fahrt kurz geprobt worden war; Patrick Colombo begleitete an der Orgel.

Der dritte Tag führte uns zum Kloster Eberbach im Rheingau, das 1136 durch Bernhard von Clairvaux hier in typisch zisterziensischer Lage an einem Bachlauf in einem abgelegenen Seitental gegründet wurde. Die schmucklose, aber auffallend wohlproportionierte Architektur wurde einem größeren Publikum als Drehort für Bernd Aichingers "Der Name der Rose" bekannt. Das im Mittelalter bedeutende Kloster ist seit der Säkularisation 1803 Staatsbesitz, diente als Irrenhaus, Gefängnis, Auffanglager für Flüchtlinge nach dem Zweiten Weltkrieg und Ausweichsitz der Landesregierung, bevor umfangreiche Restaurierungen es zum Tagungs- und Konzertort machten. Die "Hessischen Staatsweingüter Kloster Eberbach", deren Landbesitz auf das alte Kloster zurückgeht, sind auch heute noch das nach Rebfläche größte Weingut Deutschlands.

Nach dem Mittagessen in Eltville, einem Spaziergang am Rheinufer und einem kurzen Blick in die Kirche und die kurfürstliche Burg stand die Rückfahrt an.

Laurent WILLKOMM
(Text a Fotoen)

Transparent fir dem Herrgott säi Liicht

(Priedegt vum Deche Claude Bache an der Kierch St. Stephan zu Mainz, Mëttwoch, den 2. September 2026)
1 Kor 3,1-9; Lk 4,38-44

1. Et ass e schéinen Zoufall – oder besser gesot: eng schéi Fügung –, datt mir op eisem Kulturtrip vun dësem Joer grad hei an der Kierch vum hellege Stephan zu Mainz d'Eucharistie feieren. Dës Kierch ass weltbekannt duerch d'Chagall-Fënsteren, déi an de Joeren 1978 bis 1985 entstane sinn. Wéi mir virdrun an de Raum vun der Kierch erakomm sinn, si mir direkt vum bloe Liicht erfaasst ginn. Et ass e Liicht, dat net blennt, mä dat berouegt. E Liicht, dat den Alldag fir een Ament hanner sech léisst a bal automatesch eise Bléck no uewen zitt.

De Marc Chagall huet emol gesot, seng Fënstere sollten e "Liicht vun der Hoffnung a vum Fridden" an d'Kierch bréngen. Ech denken, dat ass him gelongen. D'Liicht, dat duerch d'Fënstere fält, kënnt zwar vun dobaussen, mä et gëtt duerch d'Faarwe verwandelt. Et gëtt zu engem neie Liicht.

Vläicht ass dat schonns eng éischt Botschaft fir äis haut. Och den Herrgott léisst säi Liicht duerch eist Liewe schéngen. Mä fir datt dat geschéie kann, musse mir äis, wéi eng Fënster, vun him transparent maache loossen.

2. Genee dovu schwätzt den hellege Paulus an eiser Liesung haut. Hien ass net ganz zefridde mat der Communautéit vu Korinth. Si streiden driwwer, wiem si méi no stinn: him, dem Paulus, oder dem Apollos. Deen een ass vun him begeeschtert, deen

anere vum Apollos. An de Paulus seet bal mat engem Schmunzelen: "Wat ass dann den Apollos? Wat ass de Paulus? Mir sinn allebéid nëmmen Dénger."
An da kënnt dat schéint Bild: "Ech hu geplanzt, den Apollos huet genat, mä den Herrgott huet wuesse gelooss." Dat ass eng wichteg Erënnerung – net nëmme fir d'Communautéit vu Korinth, mä och fir eis Kierch vun haut.
Mir kënnen äis asetzen. Mir kënnen eis Zäit investéieren. Mir kënnen eis Talenter an d'Kierch abréngen. Mä d'Liewen, de Glawen an d'Friichten dovun – déi schenkt ëmmer den Herrgott.
3. Dat gëllt och fir Iech, léif Membere vum Piusverband. Dir sidd Kierchesängerinnen a Kierchesänger. Dir wësst besser wéi vill anerer, wéi vill Engagement hanner enger schéiner Liturgie stécht. Vill Prouwen, vill Zäit, vill Gedold, heiansdo och Diskussiounen iwwer den Tempo, d'Intonatioun oder iwwer d'Auswiel vun de Lidder.
An dach geet et bei all deem ni ëm äis. Et geet ni dorëms, datt de Chouer am Mëttelpunkt steet oder den Dirigent oder den Organist. Et geet ëmmer dorëms, datt d'Gottesdéngscht-Gemeinschaft duerch eise Gesank an duerch d'Uergelspill méi no bei den Herrgott kënnt.
Esou gesi sidd Dir, si mir all ewéi dem Chagall seng Fënsteren. Kee kënnt hier op Mainz, fir déi Fënsteren nëmmen als Fënsteren ze bewonneren. Si féieren eise Bléck méi déif, si féieren eise Bléck op dat, wat si duerstellen: op d'Bibel, op d'Hoffnung, op den Herrgott.
Grad esou soll och de liturgesche Gesank net op sech selwer opmierksam maachen, mä op Christus. Wann dat geschitt, da gëtt d'Musek, da gëtt de Gesank zum Gebiet.
4. Am Evangelium vun haut gesi mir de Jesus an engem ganz anere Kader. Hie kënnt an dem Péitrus säin Haus. Do ass deem seng krank Schwéiermamm. De Jesus béckt sech iwwer si, hie beréiert si, a si steet op a bedéngt si. Méi spéit brénge si eng Abberzuel vu Kranker bei hien. An hien hëlt sech Zäit. Hien heelt. Hien tréischt. Hie riicht d'Mënschen op. Mä duerno geet hie fort, eleng, op eng roueg an ofgeleeë Plaz. An obwuel d'Leit hie festhale wëllen, seet hien: "Ech muss och deenen anere Stied d'Evangelium vum Herrgott sengem Räich verkënnegen." Dat ass bemierkenswäert. De Jesus bleift net do, wou hien erfollegräich ass. Hien hält sech net un der Bewonnerung fest. Seng Missioun ass méi grouss. Och dat ass eng Lektioun fir äis.
D'Kierch ass ëmmer ënnerwee. Och e Chouer ass ëmmer ënnerwee. Mir sinn dës Deeg op Kulturrees. Mir entdecke Kierchen, Konschtwierker, Stied a Geschicht. Dat ass schéin a wäertvoll.
Mä esou eng Rees ass vläicht och e Bild fir eist ganzt Liewen als Chrëschten. Mir bleiwen net stoen. Mir sinn ënnerwee mat Christus. Mir loossen äis ëmmer nees nei begeeschteren – duerch d'Schéinheet vun enger Kierch, duerch eng gutt Begéinung, duerch e Lidd, dat äis am Häerz beréiert, oder duerch dem Herrgott säi Wuert. An dann huele mir eppes dovunner mat heem. Net nëmme Fotoen. Mä e bësse méi Liicht. E bësse méi Hoffnung. E bësse méi Freed.
5. Wa mir no dëser Mass nach eng Kéier op déi blo Chagall-Fënstere kucken, da kënne mir äis – jiddweree fir sech – vläicht eng kleng Fro stellen: Sinn ech esou eng Fënster, duerch déi dem Herrgott säi Liicht an dës Welt fale kann? Sinn ech transparent fir säi Liicht? Oder stellen ech mech heiansdo selwer virun d'Liicht?
De Paulus géif äis haut äntweren: Planzen an nätzen ass eis Aufgab. Wuessen ze loossen ass dem Herrgott säi Wierk. An de Jesus géif dobäi soen: Gitt virun. Bréngt meng gutt Noriicht dohinner, wou d'Mënschen op Hoffnung waarden.
Ech wënschen äis all, datt mir – grad ewéi déi wonnerbar Chagall-Fënsteren an dëser Kierch – net äis selwer weisen, mä dem Herrgott säi Liicht duerch äis erduerch schénge loossen. Da gëtt eist Liewen, da gëtt eise Gesank an da gëtt eist Gebiet fir vill Mënschen zu engem Zeeche vun Hoffnung, vu Fridden a vu Freed.

Amen.

De Piusverband invitéiert op seng

Dekanatsversammlungen 2026

Freides, den 2. Oktober
an der Maison Paroissiale **Gilsdref**
45a, rue Principale, L-9370 Gilsdorf

Dënschdes, de 6. Oktober
am Centre culturel An Henkes zu **Conter**
1, rue de Luxembourg, L-5314 Contern

Dënschdes, den 13. Oktober
am Centre culturel Al Schmelz zu **Stengefort**
rue Collart, L-8414 Steinfort



Am Mëttelpunkt vun der Versammlung
steet en Dialog tëschent
zwee Comitésmemberen zum Thema

„Nei Membere fir eis Kierchechéier?“

Ufank vun der Versammlung all Kéier um 19:30 Auer.

LUXEMBOURG - 1
Port payé
PS / 140